



och konkret ze léisen. An dat virun allem zu enger Fërderung vun de Kanner am fréien Alter hi sech ze bewegen an eigentlech déi richteg, gezielten Ausbildung derniewent och ze hunn, fir dat ze maachen.

Wat de Bénévolat betrëfft, mengen ech, soll een elo emol eng Kéier eng Bilanzéierung maa-che vun all deem, wat gemaach ginn ass. Den „bénévole de l'année“ wäerte mer viruféieren. Et ass jo esou, datt Der zu Recht sot, mir wielen der all Kéiers dräi eraus. Mä derniewent ass all Federatioun, déi een „bénévole de l'année“ huet, dee géiert gëtt. Dofir ass et scho richteg, datt sécher net jiddwereen ëmmer frou ass, wann en net den Éischten, Zweeten, Drëtten ass. Mä e kritt awer e Präis mat, well e jo de Bénévole ass. An och dat ass eng moralesch Unerkennung, déi hei geleescht gëtt.

Aner Aktiounen hate mer, wéi d'Formatioun an d'Traineren, wéi d'Ënnerstëtzung iwwer Pilot-projete vun de Bénévolen, wéi derniewent och Chèques-services, déi gespillt hunn. Mä ech mengen, datt d'Haaptzil muss dat sinn, datt an de Veräiner erëm de Geescht vun der Famill opkënn. D'Familljen... dat Ganz, datt ee Club eng Famill ass, wou jiddweree fir deeselwechte But schafft, wou ee sech wuelfillt, wou ee gären dohinnergeet.

An da vu mir aus nach ëmmer kloer de Mes-sage: Wien eng Kéier Sportler war, soll an Zu-kunft och Bénévole sinn. Well dat, wat de Sport em ginn huet, soll en dem Sport erëm zrëck-ginn. Mir hunn et esou gemaach. An ech mengen, et soll een eng Rei vun aner Leit... An eng ganz Rei heibanne sinn der, déi et esou maachen. Ech mengen, dat soll och een Ureiz sinn, datt nach anerer dat an Zukunft kënne maachen.

Zum Schluss vläicht...

Ech gesinn, Här President, Merci fir Är Gedold, meng Zäit ass effektiv hei, meng Riedezäit ass ofgelaf. Vläch...

► **M. le Président.** - Här Minister, Dir kënnt och roueg zur Schlussfolgerung da kommen. Mä virdrun hunn ech awer eng Fro vun der Madame Arendt.

► **Mme Nancy Arendt (CSV).** - Här Minister, ech hat gefrot, wat de gesetzleche Kader be-trëfft, ob dat eventuell eng Méiglechkeet wär, wann een e gesetzleche Kader fir d'Bénévolé géif envisagéieren. Dir waart net op d'Fro elo agaangen.

► **M. Romain Schneider, Ministre des Sports.** - Jo. Also ech mengen, et ass esou, datt ech gesot hunn, datt mer fir d'Éischt ee Bilan maache vun den Aktiounen, déi gelaf sinn. Et muss ee kucken, wéi dat gewierkt huet. An da muss ee kucken, a wat fir enger gesetzlecher Rumm ee kann effektiv Bénévolen hëllefen.

Mir haten emol eng Kéier d'Iddi gehat vun Assu-rancen, déi eventuell kéinte spillen. Dat kéint eng Pist sinn. Mir haten d'Iddi, wat keng gesetz-lech... iwwer Cartes bénévoles, déi sollten aus-gestallt ginn, zum Beispill wéi Kaarten, déi an der Kultur bestinn, fir déi kënne ze benotzen.

Alles dat si Pisten, déi mer amgaang sinn ze elaboréieren, virun allem awer ofzeschätzen a virun allem och finanziell ofzeschätzen, well do hänkt natierlech och ee gewëssen Impakt drun. Wa mer dat maachen, da musse mer eng Ëm-schichtung an eise Budget vum Ministère maachen. Mä awer mat Sécherheet ass de Bé-névole wichteg a wäert och an Zukunft wich-teg bleiwen.

Wann Der dann erlaabt, Här President, géif ech zu mengem Schluss kommen. Ech géif eigent-lech op dat zrëckgräifen, datt déi 100 Milliounen, déi hei investéiert ginn, sécher eng Dé-pense sinn. Mä op där anerer Säit sinn et awer och grouss Recetten, déi sech an enger Rei Beräicher zrëckspigelen. Am Sport selbstver-ständlech. Dës Sportsinfrastrukture wäerten dem Sport hëllefen an deenen dräi Domänen: Sport à l'école, Sport-loisir a Sport de compétition.

Se wäerten awer och der Economie hëllefen. A wann hei gefrot gouf de PIB eng Kéier vum Sport, do si mer amgaang, dës Analys ze maa-chen, sinn amgaang iwwert de Volet vum Compte satellite sport dat och hei zu Lëtze-buerg ze iwwerdroen. Dat virun allem ze iwwerdroen och mat Donnéeën, déi mer vum Statec kréien. Ech kann lech awer Chifferen nennen - den Här Berger huet se gefrot hei an zitëiert, Dir hutt se och vläch gelies. A Fran-kräich zum Beispill sinn 2% vum PIB direkt, déi

aus dem Sport erauskommen. An derniewent ass do net agerechent dee ganzen Impakt vum Bénévolat.

Wa mer do nämlech d'Stonnen eng Kéier mat engem Stonneloun héichrechnen, gëtt deen Impakt riseg an da gëtt de PIB och vill méi grouss. Ech sinn iwwerzeegt, datt hei zu Lëtze-buerg mer net wäit vun deem, wann net vläch souguer iwwert dësem Prozentsaz vum PIB eraus stinn.

Derniewent virun allem awer och dee ganzen Impakt, deen dee soziale Volet betrëfft. Déi ganz Integratioun, déi hei zitëiert gëtt. Dat si Wäerter, déi mer net kënne moossen, déi awer do sinn. Evident. Genausou gutt wéi an der Gesondheet mer manner Dépensé mussen a wäerte maachen. Och hei wäert ech d'Kap vum Sécurité-sociales-Minister kënne opdoen, fir ze soen, déi Suen, déi mer an der Ge-sondheetskeess manner ausginn, déi hu mer hei am Sport eben investéiert.

Derniewent och den Tourismus, wou mer ganz vill, an dat virun allem och an deene leschte Joren, eng ganz Rei vu flotte Projeten zesumme gemaach hunn, wat deenen eenzelne Regiou-nen eppes konkret och wierklech erëmbuecht huet.

Alles dat, mengen ech, wäerten eng Rei Saache sinn, wou ech wëll drop hiweisen, datt déi Dé-pensen, déi mer am Sport hei gemaach hunn, souwuel spille fir de Sport, fir d'Economie, fir den Emploi mat der Kreatioun vun Aarbechts-plazen, fir d'Gesondheet, fir d'Famill, fir d'Édu-catioun a fir d'sozial Integratioun. An an deem Sënn soen ech alle Fraktiounen Merci fir d'Zou-stëmmung a freeë mech, fir zesumme mat de Gemengen dësen immens flotten a kompeti-tive Programm duerchzezéien.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Och ech soen dem Sports-minister Merci, virun allem, wann e sech déi nächste Kéier un d'Zäit hält. Well déi ass ze moossen, Här Sportsminister.

► **M. Romain Schneider, Ministre des Sports.** - Gutt.

► **M. le Président.** - Kee Problem. Mir si jo haut alleguer e bësse méi flexibel, well et deen éischten Élan ass. Jo, ech hunn heiansdo héiere vu fréiere Kollegen, dass ee Ministerkollegen, wa se an engem gudden Développement sinn, net soll stoppen. Datselwecht géllt fir d'Depu-téiertekollegen, wa se am Rahme bleiwen.

Ech soen lech Merci an ech follegen direkt deenen, déi mer roden, mer sollen zum Vote iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6559 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass lancéiert. De Vote par procuration. Ech hu 57 Votanten. 57-mol Jo.

(Interruption)

Wie mengt, dass et net gaangen ass? Den Här Urbany, d'Madame Hetto. Mir kucken dat no. Merci.

De Projet de loi 6559 ass also à l'unanimité ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6559 est adopté à l'unanimité des 59 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par M. Marcel Oberweis), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Claude Wiseler), Ali Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Marc Angel), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Bresseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler (par Mme Josée Lorsché);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

M. Serge Urbany.

An ech wollt lech da froen, ob Der d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote gitt.

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Da géife mer zum leschte Punkt vun eise-m Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 6590. Do geet et ëm eng Konventioun iwwert d'Liewensmëttelhëllef. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgehalten. Den Här Rapporteur ass den Här Marc Angel. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Wiseler, Graas, Adam, Kartheiser an Urbany. Den Här Marc Angel huet d'Wuert.

8. 6590 - Projet de loi portant approbation de la Convention relative à l'assistance alimentaire, faite à Londres, le 25 avril 2012

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.** - Jo, Merci, Här President, fir d'Wuert. Léif Kolleg-innen a Kollegen, et geet effektiv ëm d'Appro-batioun vun enger Konventioun iwwert d'Assis-tance alimentaire, der Konventioun vu London vum 25. Abrëll 2012, déi am Fong eng ganz al Konventioun ersetzt, déi geheescht huet „rela-tive à l'aide alimentaire“ vun 1964.

Kuerz den Historique: Déi 64er Konventioun ass regelméisseg erneiert ginn all fënnef Joer vun 1967 bis 1990. Si ass adaptéiert ginn, awer d'Prinzipie sinn net geännert ginn. Déi lescht Adaptatioun war 1999, an d'Renégociatiounen, fir déi ze erneieren, déi si retardéiert ginn - déi Verhandlungen -, well am Kader vum Cycle vun Doha gemengt ginn ass vun der Welthan-delsorganisatioun, dass een, wat d'Négocia-tiounen iwwert d'Agrikultur an d'Aide alimen-taire ubelaangt, d'Resultater vun Doha misst ofwaarden. Do ass also näscht Geschitt.

Am Joer 2010 huet dunn d'FAO décidéiert, dass déi Konventioun total inadap-téiert ass an dass se muss erneiert ginn, fir de Besoine vun der Aide alimentaire besser Rechnung ze droen, fir och d'Ursaache vun der Liewens-mëttelonsécherheet ze attackéieren. An et ass fonnt ginn, dass déi Konventioun net nëm-men d'Besoine vun der Aide d'urgence abe-gräifen an och dass déi Konventioun misst mo-derniséiert ginn, fir och kënne nohalteg Léi-sungen ze proposéieren.

D'Experte vun der FAO hunn also eng nei Konventioun ausgeschafft, an där se effektiv dann déi Ursaache vun der Liewensmëttelonsé-cherheet attackéiert hunn. Déi nei Konventioun enthält och Moosnamen, fir d'Agrarproduk-tioun an de Südlänner virun allem ze steigeren, och fir déi sougenannten „circuits de commer-cialisation“ besser ze verstärken an och aner Schwächten an där Konventioun, vun där fréierer Konventioun opzehiewen, besonnesch, wat och de Kontabilitéitssystem ubelaangt, wéi déi Liewensmëttelhëllef quantifizéiert ginn ass.

Déi nei Konventioun reflektéiert awer wéi gesot eng moderniséiert Visioun. An et kann een et résuméieren: Virdrun ass vun der „aide alimen-taire“ geschwat ginn, elo gëtt vun der „assis-tance alimentaire“ geschwat. An dat seet schonn eng gewësse philosophesch Ännerung an de Prinzipien, déi am Fong d'Plus-value vun dësem Projet sinn an déi och am Artikel 2 ge-nau opgeléicht sinn.

An et ass och dat, wat mer an der Kommis-sioun diskutéiert hunn, dass dat am Fong d'Plus-value ass vun där neier Konventioun, déi nei Prinzipien, déi opgezielt ginn. D'Aide soll méi effikass ginn, se adaptéiert sech also der Déclaration de Paris, déi mer all kennen an der Entwécklungszesummenaarbecht.

Et gëtt och de Prinzip vun der Responsabiliséie-rung grouss ënnerstrach; et gëtt op d'Sécurité alimentaire gepocht an och, dass déi Landwirt-schaft an deene Länner muss rehabilitéiert an op Vordermann bruecht ginn.

Och den Informationsaustausch gëtt grouss-geschriwwen. D'Cohérence des politiques, och ee vun deene groussen neie Prinzipien an der Entwécklungszesummenaarbecht, ass an dëser Konventioun zrëckbehalen, a besonnesch d'Co-hérence tëschent der Assistance alimentaire an den Instrumenter vu konnexe Politiken. An, wat - mengen ech - ganz wichteg ass: D'Prio-ritéit gëtt ënnerstrach, fir dass haaptsächlech Produkter op de Marchés locaux a régionaux an de Länner ronderëm do, wou Problemer sinn, kaaft ginn.

All Partei, déi dës Konventioun ënnerschreift a Partei dovunner ass, muss all Joers en Enga-gement, also eng Verflüchtung huelen, dat nennt een dat sougenannten „engagement an-nuel minimum“. Dëst Engagement muss da communiquéiert ginn dem Secrétariat général vun dëser Konventioun.

Wat d'Engagement vu Lëtzebuerg ubelaangt, dat kann ee genau noliesen am Exposé des motifs an och a mengem schrëftleche Bericht. Ech wëll dat résuméieren: Lëtzebuerg ka bal all seng Kontributiounen, déi en an de PAM, also an de sougenannten „Programme alimentaire mondial“ aschreift an och an de Fonds interna-tional de développement agricole an och deelweis Gelder, déi mer fir d'ONGe virgesinn, déi an der Liewensmëttelhëllef aktiv sinn, mir kënne all déi Fongen an Engagementer gëlle loossen, fir dass mer deen Engagement mini-mal kënne aschreiwen am Sekretariat an där Konventioun hei weiderschécken.

Déi Konventioun ass och um Niveau vun der Europäescher Unioun traitéiert ginn an disku-téiert ginn an engem informelle Conseil vun de Ministere. An do ass gesot ginn, et soll een eng virsichteg Haltung hunn. An zum Beispill huet d'Europäesch Unioun do 80% vun hirem Budget d'aide alimentaire ageschriwwen, wat se am Kader vun där Konventioun géife mellen.

Lëtzebuerg huet sech un där Recommandatioun inspiréiert, an och 80% vun onse Kontri-butiounen, déi mer an de PAM ginn, schreiwe mer dann do an. Et ass am Fong en initiaalt Engagement vu véier Milliounen Euro fir den Exercice 2013. A wann een d'Fiche financière kuckt, déi beim Projet ass, an ech zitëieren déi, dat si keng Suen, déi mer als supplementar mussen aschreiwen. Dat si Suen, déi souwisou am Budget virgesi sinn. Mä déi schreiwe mer elo an an dat Dokument, wat mer schécke bei dat Sekretariat vun där Organisatioun.

Ech wollt dem Minister just Merci soe fir seng Präsenz den 13. Januar an der Kommissioun, wou mer dee Projet méi am Detail presentéiert hunn, wou mer och eenzel Froen nach gekläert hunn. An dofir him schonn e grouse Merci an och de Membre vun der Kommissioun Merci, dass Der dee Rapport unanime ugeholl hutt. An ech huelen un, dass dat haut och de Fall wäert sinn.

Ech op jidde Fall soen lech Merci fir d'No-lauschteren a ginn den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Rap-porteur. Als éischte Riedner ass ageschriwwen den Här Claude Wiseler. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Merci, Här Pre-sident. Ech wëll och ganz kuerz just dem Rapporteur Merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi en hei gemaach huet. Déi Konventioun iwwert d'Assistance alimentaire ass effektiv säit 1967 eent vun de wichtegsten Instrumenter, déi mer hunn, fir déi Agrariwwerschëss vun eise Länner an déi en voie de développement eriwwerze-setzen.

Mir wëssen awer och, datt effektiv eng Rei Kritiken un deem Instrument do waren, well am Fong considéiert ginn ass, datt et just Symptomer traitéiert huet an am Fong net déi richteg Léisunge méi fonnt huet.

Mir fannen, datt déi Renégociatioun hei, déi virun e puer Joer ofgeschloss ginn ass, déi also haut hei zu Lëtzebuerg ëmgësat gëtt, am Fong op e puer wesentlech Punkten, Dir hutt se all beschriwwen, haaptsächlech, datt d'Gouver-nance verbessert gëtt, datt d'Transparenz wierklech ganz anescht gemaach gëtt an och de Fait, datt e Minimum..., datt minimum Par-ticipation-annuellé mussen festgeluecht ginn - fir Lëtzebuerg véier Milliounen -, fanne mer och hei e richtige Wee, fir ze goen.

Ech wëll also einfach soen, datt et fir eis e gudde Projet ass, e wichtige Projet ass, an datt mer selbstverständlech mat deem Projet d'accord sinn. Mir wäerten e stëmmen.

Merci, Här President.

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Wi-seler. Als Nächsten huet d'Wuert den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wier frou, wann de Mikro e bësse méi haart géif agegallt ginn, well et ass jo onschwéier ze erkennen, datt ech e bësse Problemer mat der Stëmm hunn.



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Ech mengen, och wann dee Projet hei e Mo-dèle de base ass, esou ass et awer derwäert, datt ee sech e puer Reflexiounen iwwer e wichtegt Gesetz mécht, well ëmmerhi geet et jo awer ëm d'Bekämpfung vum Hunger an der Welt, an et därer een och net vergiessen, datt dës Konventioun u sech dat eenzegt juristescht Instrument ass, fir iwwerhaapt d'Aide alimentaire ze garantéieren.

Ech wollt a menger kuerzer Interventioun virun allem awer op ee Punkt agoen. Et ass scho kuerz hei ugeschwat ginn: Dat sinn déi Kritiken, déi awer an deene leschte Joren u dëser Konventioun geäussert gi sinn, an d'Fro, ob déi Konventioun hei wierklech muss ugepasst ginn.

An ech mengen, et kann een déi Fro direkt mat Jo beäntweren, well déi Konventioun baséiert sech jo hei effektiv, wéi den Här Wiseler gesot huet, éischter op eng Symptombekämpfung. D'Zil muss natierlech sinn, fir deenen ënnerentwéckelte Länner Moyenen ze ginn, fir am Fong geholl sougenannten „Selbsternährungsziler“ kënnen ze erreechen. An dozou muss natierlech dann och en Émdenke kommen, wat eis Approche zu där ganzer Aide alimentaire ubelaangt.

Ech sinn do u sech direkt bei engem ganz wesentleche Punkt, an dat ass deen, datt nach ëmmer och Produkter, déi bei eis produzéiert ginn, datt déi mat Hëllef vun EU-Subventiounen an ënnerentwéckelt Länner awer och exportéiert ginn. Ech wollt zum Beispill op d'Regioun vu Westafrika hiweisen, wou de Maart quasi iwwerschwemmt gëtt mat Pouleten, déi an eise Regiounen produzéiert ginn, wat als Konsequenz natierlech huet, datt de lokale Maart sech do net kann entwéckelen an datt déi lokal Produzenten och do guer keng Chance hunn.

Et ass also wichteg, datt een déi Thematik vum Ofschafe vun den EU-Subventiounen usprécht. Ech wëll drop hiweisen, datt schonn 2004, wéi mer eng éischte Kéier dat Gesetz hei diskutéiert hunn, deemools schonn op déi Problematik higewise ginn ass. Déi deemoleg EU-Kommissäre Lamy a Fischler haten dunn awer schonn duerchblécke gelooss, datt sech op deem Niveau eppes géif änneren.

Ech weess net: Ass et Zoufall oder net? Mä net méi spët wéi d'lescht Woch huet awer den aktuellen EU-Agrarkommissär, den Här Dacian Ciolos, op der Grénger Woch zu Berlin ugekënnegt, datt en u sech mat där Konkurrenz, déi artificiel ass, wéilt ophalen, datt en u sech net méi bereet ass, fir datt an Zukunft nach Produkter, déi an eise Regiounen hiergestallt ginn, beim Export nach géife subventionéiert ginn. Dat mécht plus ou moins 147, 148 Milliounen Euro aus. Dat ass ee ganz kleng Bestanddeel vum gesamten EU-Agrarbudget. Mä ech mengen, dat Zeechen, wat hei gesat ginn ass, ass awer ouni Zweifel ganz wichteg.

Da muss ee sech och d'Fro stellen, ob an Zukunft déi Hëllef sech exklusiv op d'Zurverfügungstellung vu Gelder soll limitéieren, ob net och soll versicht ginn, dat op aner Elementer - ech denken zum Beispill un d'Liwwere vu landwirtschaftleche Maschinnen, ech denken un d'Liwwere vu Som oder Dünger - auszedehnen.

Wann een e puer méi kritesch Bemierkungen iwwert déi Konventioun hei mécht, soll een awer hei ganz kloer ënnersträichen, datt se awer och, trotz deene minimalen Adaptatiounen, eng Rei positiv Elementer erëm neierdénge huet. Ech denke virun allem un d'Transparenz, well et och elo méiglech ass, datt déi Délibératiounen, déi vun deem Comité geholl ginn, asiichtbar sinn, a virun allem, well d'Société civile och kann dorunner bedeelegt ginn.

Fir eist Land ass et evident, datt mer eis dorunner bedeelegen. Ech wëll drun erënneren, datt

mer och 2004 schonn deemools Hëllef vu véier Milliounen Euro virgesinn haten. Deemools sinn allerdéngs zwou Milliounen direkt op de Cap-Vert gefloss. Elo hu mer wéi gesot erëm eng Kéier e Kredit vu véier Milliounen virgesinn. Mir als Lëtzebuerg gi mat Sécherheet doduerch net méi aarm, mä awer vill, vill Regiounen wäerten dovunner profitéieren. Et ass dat Mannst, wat mer als Lëtzebuenger Land kënnen maachen.

Ech wëll an deem Sënn selbstverständlech och d'Ënnerstëtzung vun der DP zu dësem Gesetzesprojet bréngen, net ouni awer ofschléissend nach dem Rapporteur, dem Marc Angel, Merci ze soe fir säi flotte schrëftlechen an och mëndleche Rapport.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Graas. Als nächste Riedner ass den Här Claude Adam ageschriwwen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Merci, Här President. Ech fänken do un, wou mäi Virriedner opgehale huet. Ech soen dem Rapporteur villmools Merci fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech wëll och den Accord an d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu dësem Gesetz bréngen.

Ganz interessant ass och den Historique vun deem Gesetz hei. Et gëtt opgewisen, datt mer ausgi vun enger Konventioun vun 1967, déi kritiséiert ginn ass - den Här Wiseler huet et och gesot - an déi sech weiderentwéckelt huet bis dann zu där Konventioun vun 2012, déi, déi mer haut virleien hunn an déi dann e Lëtzebuenger Gesetz gëtt.

Et gëtt eng Rei Ënnerscheeder vun dëser Konventioun par rapport zu där vu '67. Et ass eng Reaktioun op d'Kritiken, déi komm sinn. Éischens, de Sproochgebrauch. Mir hu '67 nach vun enger „aide alimentaire“ geschwat; haut schwätze mer vun enger „assistance alimentaire“. Dat ass net just eng Moderniséierung, net just e Spill mat Begrëffer, mä villméi en Ausdrock vun enger anerer Philosophie.

Et ass net méi just, schnell hëllefen, wou et brennt. Et ass och, fir d'Ursaache vun dem Hunger an der Welt kënnen mat der Wuerzel ze huelen an net just a kritesch Situatiounen anzegräifen a Pompjee ze spillen.

En zweete Punkt, wourobber hei Wäert geluecht gëtt, dat ass, datt déi Subventiounen net gebonne sinn un..., dat heescht, datt Hëllefsgidder net mussen onbedéngt an deem Land produzéiert ginn, wat d'Hëllef mécht. Ideal ass et nämlech, an dat huet och de Kolleg vun der DP gesot, wa mer net duerch eist Agräifen d'regional Marchéë futti maachen. Mir mussen d'regional Marchéë schützen.

Do sinn an der Zäit effektiv vill Feeler gemaach ginn, wann duerch eis gutt gemengten Hëllef vun Iwwerschëss, déi bei eis produzéiert gi sinn, regional Marchéën zerstéiert gi sinn, wat mëttel- a laangfristeg komplett negativ Auswierkungen hat. De Risiko, deen ass mat dëser Konventioun erkannt, an deem probéiere mer, aus de Féiss ze goen.

En drëtte wichtege Punkt vun dëser Konventioun ass d'Transparenz an d'Abézéiung vun de Pays bénéficiaires. Dat ass net ëmmer einfach. E Beispill: Syrien. Da muss een och e Partner hunn, dee matspillt. Et ass awer als Prinzip wichteg a richtig.

An e véierte wichtege Punkt ass, datt dëst en Engagement, een Engagement annuel minimal ass, dee souwuel an Terme vu Quantitéit wéi och an Terme vu Valeur ausgedréckt ka ginn. An dëst Engagement muss dem Sekretariat och matgedeelt ginn.

Et gëtt eng virsiichteg Politik recommandéiert. Dat gëtt och vum Statsrot opgegraff, souguer a Fro gestallt. Vlächcht kann de Minister nach e bësselchen drop agoen, firwat datt mer ebe just déi 80% wëlle festschreiwen.

Et kann een dat Ganzt natierlech och e bësse kritiséieren. Ech hu gesot, et ass eng flott Konventioun, eng richtig Konventioun. Op där anerer Säit kann een awer och soen: Et ass näischt Neies. Am Fong geholl verflachte mer eis zu deem, zu deem mer eis scho ganz laang verflachten. Dat geet och aus der Fiche financière eraus, an där drasteet: Majo, eigentlech huet dat Gesetz, wat mer hei stëmmen, wat vum Geescht hier positiv ass - dofir stëmmen mer et mat -, mä eigentlech gi mer keng nei Verflichtung an. Mir probéieren, eis Verflichtungen zum Deel an eng méi gerecht Rumm, eng méi transparent Rumm ze setzen. Dat ass positiv.

Et bleift nach just ze soen, datt mer domat net all d'Problemer an der Welt léisen. Mir mussen an Zukunft vlächcht méi wéi an der Vergaangenheet och de Lien maache mat där Agrarpolitik, déi mer bei eis an am Westen an an Europa an de westleche Länner maachen. Mir mussen och eng Diskussioun iwwer „biofuels“ féieren. Dat gehéiert och alles dozou. Mä wéi gesot, den Accord zu dësem Gesetz wëll ech heimadder vun der grénger Fraktioun bréngen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Adam. Als nächste Riedner ass den Här Kartheiser agedroen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, och am Numm vun der ADR en häerzleche Merci un den Här Angel fir, wéi ëmmer, e ganz, ganz kompletten a flotte Rapport.

Et wär vill ze soen zu dëser Konventioun. Mä ech wéilt eigentlech an Erënnerung bréngen, datt déi Haaptursach fir den Hunger an der Welt, dat ass net onbedéngt de Manktum u Produktioun. Et ass politesch Onrou, et ass Krich, et ass Korruptioun, et ass eng schlecht Gouvernance. An e Beispill, un dat mer eis erënneren, ass dat, wat a Somalia war nach viru Kuerzem, wou d'Hëllef vu lokale Milize gestoppt gouf. An dat ass eigentlech, wann ee kuckt, d'Haaptursach vun enger Ernährungs-katastroph läit dacks um politesche Plang, an net op engem reng technesch alimentäre Plang.

Ech soen dat hei besonnesch, well no mir kënn nach ee Vértrieder vun der Lénker, dee wahrscheinlech d'Geleeënheet hält, fir de kapitalistesche System unzekloen. Et ass esou, datt déi sozialistesche Länner oder déi, déi a senger Richtung leien, souwisou ni kënnen Agrarhëllef leeschten, well déi Leit, déi do wunnen, leider näischt ze rassen an ze bäissen hunn.

An duerfir, sécher musse mir och an eise westleche Länner oppassen op e puer Saachen: Spekulation mat Liewensméttel ass eppes ganz Onmoralesches. De Biosprit därerf net derzou féieren, datt mer wäertvoll Agrarflächen net méi fir landwirtschaftlech Produktiounen an enger Ernahrungsoptik notzen. Mir mussen d'Ofholzung bekämpfen. Alles dat si richtig Elementer. Mä awer dach ass eise fräiheetleche System deen, deen d'Ernährung vun der Welt am beschte ka garantéieren. An et ass ëmmer erëm gutt, dat ze betounen.

Awer trotzdem, richtig ass och ze warne virun e puer Entwécklungen, wéi genmanipuléiert Liewensméttel, déi sech selwer net kënnen als Saatgut weiderféieren, an der Zäit, wou nei Ofhängekeete kënnen geschafe ginn. An et ass un eis all, mengen ech, fir dës Konventioun als Ureiz ze huelen, fir eng verantwortungsvoll Politik an all dës Beräicher ze féieren. Awer keng utopesch, Här Urbany!

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Ech wär och ganz frou, wann den Här Kartheiser sech géif un d'Chamber adresséieren an net zu engem Preventivschlag géif aushuelen.

(Hilarité)

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Dee souz awer, dee souz, Här President!

► **M. le Président.**- Den Här Urbany huet d'Wuert.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Ech menge just, dass en no hannen ausgeet.

Wann ech hei d'„Tageblatt“ vun haut liesen - ech hu mer et elo dobause geholl -, do ass ee groussen Titel dran, do steet dran am Wesent-

lechen, an et ass och en Artikel derbäi, dass d'Hëlleforganisatioun Oxfam festgestallt huet, no enger Analys, dass 85 Leit - Leit! -, perséinlech Leit (veuillez lire: privat Leit) op der Welt esou vill Räichtum besëtze wéi déi aner, déi aarm Halschent vun der Mënschheet. Ech mengen, wann ee wëllt d'Ursaache vun der Aarmut an der Welt kucken, da kann ee se nëmme fannen an enger falscher Ëmverdeelung vum Räichtum. Dat ass déi alleréischte Ursaach.

Dass politesch Ursaachen eng Roll spillen, dass Onrouen a gewësse Géigende vun der Welt eng Roll spillen, dass och Korruptioun do eng Roll spillt, Korruptioun allerdéngs erëm eng Kéier am Interessi vun deene grouse Konzerne, déi an deene Länner do diktéieren, esou wéi se hei diktéieren, diktéiere se och do; an do gëtt et eng grouss Korruptioun. Ech wëll net dovunner schwätzen, wat et hei gëtt, mä mir hunn och Problemer genuch.

Op jidde Fall, Här President, laut dem leschte Rapport vun der Welternährungsorganisatioun FAO hunn am Zäitraum 2011 bis 2013 geschätzten 842 Milliounen Mënschen an der Welt u chronescher Ënnerernährung gelidden. Dat mécht ronn 12% vun der Weltpopulation aus. All drëtt an eng hallef Sekonn stierft op dëser Welt e Mënsch un Hunger!

Et ass viles iwwert déi Konventioun hei gesot ginn, iwwer hir Urspréng 1967. Déi nei Konventioun vum Abrëll 2012 enthält wesentlech Fortschrétt, wéi zum Beispill eng nohalteg Liewensméttelhëllef, déi déi lokal Agrarproduktiounen net ënnerhieche soll an, souwäit dat méiglech ass, Liewensméttel an hir Zousätz och op lokalen a regionale Marchéë soll kafen, fir och d'Liewensméttelautonomie vun deene betraffene Géigenden ze erhalen.

Dëst si sécherlech Fortschrétt - et ginn och nach aner Fortschrétt dodran -, déi mir och begrëssen a mir wäerten dofir och dëst Gesetz hei ënnerstëtzen.

Et ginn awer natierlech och eng Rei Kritikpunkten, déi an dësem Accord festzehale sinn. Ech mengen, dass deen Accord hei ëmginn ass e bësse vun enger Aura vun Hypocrisie. Well et si jo grad déi ekonomesch Acteuren, déi ugesiedelt sinn an den industrialiséierte Länner, déi déi natierlech Ressourcen dacks an deene Länner do ausbeuten.

Et sinn d'Fräihandelsokkommessen, vun deenen och schonn hei geschwat ginn ass, déi d'Agrikultur an deene Länner futti maachen oder deelweis futti maachen. Et gëtt Phenomeener wéi „landgrabbing“, wou international Konzerne agéieren au détriment vu lokalen Agrikulturen an déi Suen, déi se do gewannen, dann erëm eng Kéier investéieren op de Finanzzentren, wahrscheinlech och iwwregens hei zu Lëtzebuerg, an d'Spekulation vu Liewensméttel. An do schléisst sech dann de Krees erëm.

Ech mengen, dass et och e Widdersproch ass, wann deen Text hei déi betraffe Länner encouragéiere wëllt, national Strategië géint d'Ursaache vum Hunger ze entwéckelen, a gläichzäitig steet hei kloer an deem Text, Artikel 3 - ech liesen en net vir -, mä den Artikel 3 seet ganz däitlech, dass d'Fräihandelsregele vun der Welthandelsorganisatioun OMC Virrang virun deene Regeln hei hunn. Dobäi setzt grad dës Konventioun op lokal Entwécklungen.

D'Ziler vun där Konventioun sinn och net contrainant vis-à-vis vun de Geberländer, déi sech iwwregens och an deemselwechten Artikel ausdrécklech d'Verhandlungsfreiheet an der OMC virbehalen. Dat heescht, virbehalen an der OMC, an der Welthandelsorganisatioun géint déi Prinzipien hei virzegoen an do Regelungen ze definéieren, déi dann dodriwwer stinn. An ech mengen, besser kann een déi ekonomesch Interessen net definéieren, déi hanner esou Konventiounen stinn, esou luewenswäert se och sinn.

Iwwregens huet d'Europäesch Kommissioun - hunn ech och gelies, de Statsrot huet et kritiséiert, andeems en e bësse sarkastesch schreift, dës Haltung wier net konform zu den Hëllefsofrozen aus den Nout leidende Länner - schonn hir Engagement ganz kloer begrenzt.

Duerfir, Här President, ech menge wierklech, soulaang déi eigentlech Ursaache vum Hunger an der Welt net resolut ugaange ginn, riskéieren esou Konventiounen awer nëmme schlussendlech eng Drëps Waasser op e waarme Steen ze sinn.



Ech soen lech Merci.
Fénnef Minutten. Dat ass dach wonnerbar.
► **Plusieurs voix.**- Très bien!
► **M. le Président.**- Merci, Här Urbany. Dir apprécieiert, dass mer dat neit Reglement schonn anticipéiert hunn. Ech wollt lech dat just bei där Geleeënheet soen a ginn dann d’Wuert weider un d’Regierung.
► **M. Romain Schneider, Ministre de la Coopération et de l’Action humanitaire.**- Merci, Här President.

Dir erlaabt, datt ech heibleiwen, fir vun deem neie Knäppchen hei ze profitéieren, fir dee vun hei eng Kéier ze notzen. Ech weess, Dir hat vir-
auser net deen neie Knäppche probéiert, sou-
datt d’Anlag, déi en panne gefall ass, näischt domat ze dinn hat.
Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, datt mer gesetzlech dës Konventioun haut hei beschléissen. Ech géif fir d’Éischt emol e grouse Merci soen, souwuel un de Rap-
porteur, de Marc Angel, fir säi schrëftlechen, mëndleche Rapport hei, mä virun allem och an der Kommissioun, wou en een exzellente Rap-
port gemaach huet iwwert den Inhalt vun dësem Text. Virun allem awer och der Kommis-
sioun fir hiert flott Matschaffen an dësem Kader an och déi Impulser, déi hei eriwwerkomm sinn, déi ech zum Deel richteg fannen an zum Deel och ka matdroen.
Ech hu mech grad bei enger Rei vu Remarquen hei kënnen zrëckfillen als Agrarminister, deen eng Rei Saachen, déi hei ugeschwat goufen, ëmmer matgedroen huet an och ëmmer mat verteidegt huet. An dee Moment, wou mer déi nei PAC entwéckelt hunn, d’PAC, déi vun 2014 u leeft, hu mer genau virun allem déi doten Ausriichtunge wëllen hunn, datt mer och hei an Europa eng Agrarpolitik maachen, déi natierlech och Rücksicht hält op dee ganzen Dé-
veloppement durable, virun allem awer och op d’Impulser, wat d’Drëttlänner betrëfft.
Derniewent, mengen ech, hu mer ëmmer opgepasst, datt mer virun allem och e Land wieren „sans OGM“, souwuel wat den Ubau

betrëfft wéi och déi eenzel Liewensmëttel. Och dat ass eng Schinn, déi dëst Parlament ze-
summe mat der Regierung ëmmer gaangen ass.
Derniewent, mengen ech, ass et och wichteg, an ech hunn dat all Kéiers gesot, datt ech näischt méi haasse wéi Spekulation op Liewensmëttel, déi gemaach gouf an ëmmer erëm nach gemaach gëtt. An hei musse mer kucken, datt mer wierklech Regele kréien, fir deem ze entbannen. Well wa mer op enger Rei Punkten ëmmer erëm Explosiounen och op d’Präisser haten, da war et virun allem ëmmer erëm opgrond vu Spekulation, wou dat statt-
fonnt huet.
Zum Schluss muss ech soen, datt virun allem och an deem ganze Volet eng ganz Rei vun Accorde mat der FAO ëmmer gelaf sinn, wou een eng ganz Rei nei Piste konnt opzeechnen, wéi een effektiv och hei dës alimentär Hëllef an Drëttstaten, an ennerentwéckelt State ka re-
gelen.
Ech mengen, datt ee virun allem och hei rich-
teg gewielt huet, datt ee vun der Aide alimen-
taire higee zur Assistance alimentaire. Et geet drëm, datt mer net einfach en lwwerschoss vu Güter zur Verfügung stellen, mä datt mer einfach de Länner erméiglechen, selwer dat kënnen ze erwirtschaften.
An ech mengen, et geet e bësse ganz genau och an d’Kooperatiounspolitik eran, souwuel vun de viregte Regierunge wéi och elo an der Kontinuitéit, virun allem do ze intervenéieren an der Éducation, an der Santé a virun allem am Développement local.
Dat heescht natierlech och, all Viraussetzung ze setzen, datt virun allem och op dem Terrain selwer Landwirtschaft ka bedriwwen ginn, fir ze kucken déi néideg alimentär Méiglechkeeten ze bidden, fir d’Bevëlkerung ze ernähren.
An deem Kontext ennersträichen ech och déi wichteg Aufgab, déi virun allem hei déi eenzel Lëtzebuerger ONGe maachen, wa se an deene Länner aktiv sinn, fir och aktiv virun allem an der Landwirtschaftspolitik kënnen eng Hand mat unzepaken.

Ganz vill gëtt och ëmmer dacks hei verwiesselt, mengen ech, tëschent Aide oder Assistance alimentaire an Aide humanitaire. Ech mengen, eng Rei Exempelen, déi hei zitéiert goufen, gi ganz kloer an d’Aide humanitaire eran, do, wou mer mierken, datt et ëmmer méi wichteg ass a wou mer ëmmer méi Krisepunkten an der Welt kréien, wou dës Aide humanitaire ganz wichteg ass, ganz séier muss virukommen.
An ech mengen, mir kënnen als Lëtzebuerger Land eigentlech houfreg sinn, datt mer eent vun deene Länner sinn, déi dës Aiden nach ëm-
mer op engem gudden Niveau halen a virun allem och eisen 1% vum PIB, wat eisen APD betrëfft, och kënnen halen. An och dobaussen, mengen ech, doduerch hëllef, datt mer och international eppes zu engem flotten Équiliber an engem flotte Friden an der Welt kënn-
en bäisteieren.
Gewosst - an dat gouf richteg erkannt -, datt vill Problemer nëmme kënn geléist ginn, wa mer politesch Stabilitéit an deene Länner kréien. Dofir ass dat och eng vun deene wich-
tegen Aufgaben, déi an deem ganze Kader ze maachen ass.
Ech wéilt ofschléissend da Merci soe fir dee flotten Appui säitens dem Parlament a wën-
schen eis, datt dës Konventioun och soll dobäi hëllef, datt deen Zweck, deem se déngt, och eriwwerkënnt, an datt mer och effektiv eng Verbesserung an deenen eenzelne Länner kën-
nen erbäiféieren.
Ech soe Merci, Här President.
► **w.M. le Président.**- Merci och dem Här Kooperatiounsminister. Domat ass d’Diskus-
sioun ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëm-
mung.
Vote sur l’ensemble du projet de loi 6590 et dispense du second vote constitutionnel
De Vote ass lancéiert. De Vote par procuration.
De Vote ass ofgeschloss.
Huet jiddwereen ofgestëmmt? Dat ass de Fall. 59 Kolleegen hunn um Vote deelgeholl. De
Projet de loi 6590 ass unanime mat 59 Stëm-
men ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Han-
sen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Claude Wiseler), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par M. Paul-Henri Meyers), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Mi-
chel Wolter (par M. Félix Eischen);
MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall’Agnol), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Clau-
dia Dall’Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cé-
cile Hemmen et M. Roger Negri;
MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par Mme Anne Brasseur);
MM. Claude Adam, Henri Kox (par Mme Josée Lorsché), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler (par Mme Viviane Loschetter);
MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;
M. Serge Urbany.
Ass d’Chamber och d’accord, fir d’Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn?
(Assentiment)
Dat ass dann esou décidéiert.
Domat si mer um Enn vun eiser Sëtzung vun haut a mir ginn eis Rendez-vous fir déi nächst ëffentlech Sëtzunge vum 4., 5. a 6. Februar. A
selbstverständlech fir déi Kuerbelbootsch vu Kommissiounssëtzungen an deenen nächsten Deeg a Wochen. Merci villmools a kommt gutt
heem!
(Fin de la séance publique à 18.51 heures)

Sommaire des séances publiques n^{os} 5 et 6

Communication	p. 37
Composition des commissions parlementaires	p. 37
Ordre du jour	p. 37
6571 - Projet de loi portant modification de la loi électorale modifiée du 18 février 2003	p. 37-40
6630 - Projet de loi	
a) ayant pour objet	
1. d’autoriser le Gouvernement à effectuer, au cours des mois de janvier à avril 2014, les dépenses figurant aux tableaux annexés à la présente loi;	
2. d’autoriser le Gouvernement à recouvrer les impôts directs et indirects existant au 31 décembre 2013 d’après les lois et tarifs qui en régissent l’assiette et la perception;	
3. de proroger certaines dispositions de la loi du 21 décembre 2012 concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2013	
b) portant modification de:	
1. la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d’accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l’électricité, les produits de tabacs manufacturés, l’alcool et les boissons alcooliques;	
2. la loi modifiée du 15 juillet 2008 relative au développement économique régional;	
3. la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l’innovation;	
4. la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d’aides à la protection de l’environnement et à l’utilisation rationnelle des ressources naturelles	p. 40-44
6580 - Projet de loi autorisant l’État à participer au financement des travaux nécessaires à l’extension et à la modernisation de la station d’épuration de Nordstad/Bleesbruck	p. 44-48
6594 - Projet de loi portant modification	
1. de l’article L. 122-10 du Code du Travail;	
2. de l’article 1er de la loi modifiée du 3 août 2010	
1) portant introduction de diverses mesures temporaires visant à promouvoir l’emploi et à adapter les modalités d’indemnisation de chômage et complétant ou dérogeant à certaines dispositions du Code du Travail;	
2) modifiant les articles L. 513-3, L. 521-7 et L. 523-1 du Code du Travail;	
3) modifiant la loi modifiée du 17 février 2009 portant:	
1. modification de l’article L. 511-12 du Code du Travail;	
2. dérogation, pour l’année 2009, aux dispositions des articles L. 511-5, L. 511-7 et L. 511-12 du Code du Travail;	
3. des articles 2 et 3 de la loi modifiée du 17 février 2009 portant	
1. modification de l’article L. 511-12 du Code du Travail;	
2. dérogation, pour l’année 2009, aux dispositions des articles L. 511-5, L. 511-7 et L. 511-12 du Code du Travail	p. 48-49
6606 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 18 avril 2008 concernant le renouvellement du soutien au développement rural	p. 49-51

Désignation d’un président et de quatre membres du Centre pour l’égalité de traitement	p. 51
Discours de fin d’année de M. le Président	p. 51
Octroi du titre honorifique à d’anciens députés	p. 52
Communications	p. 52-53
Changements de composition des commissions parlementaires et des délégations parlementaires luxembourgeoises auprès des assemblées parlementaires internationales	p. 53
Ordre du jour	p. 53
Heure de questions au Gouvernement	
Question n°1 du 17 janvier 2014 de Mme Anne Brasseur relative au conventionnement du culte musulman, adressée à M. le Ministre des Cultes	p. 53-54
Question n°2 du 21 janvier 2014 de M. Claude Wiseler relative aux récentes déclarations du Président américain Barack Obama au sujet des programmes de surveillance des services secrets américains, adressée à M. le Premier Ministre	p. 54
Question n°3 du 20 janvier 2014 de M. Marc Angel relative au site du château Mansfeld à Luxembourg-Clausen, adressée à Mme la Ministre de la Culture	p. 54-55
Question n°4 du 21 janvier 2014 de M. Fernand Kartheiser relative au forfait d’éducation, adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l’Intégration	p. 55
Question n°5 du 21 janvier 2014 de M. Claude Adam relative à l’avenir de la station de radio «ARA», adressée à M. le Premier Ministre et à M. le Ministre des Communications et des Médias	p. 55
Question n°6 du 21 janvier 2014 de M. Gilles Roth relative aux hausses annoncées des différents taux de TVA, adressée à M. le Ministre des Finances	p. 55-56
Question n°7 du 20 janvier 2014 de M. Alexander Krieps relative à l’éventuelle fermeture de bureaux de la Poste, adressée à M. le Ministre de l’Économie	p. 56
Question n°8 du 21 janvier 2014 de M. Serge Urbany relative à la récente étude de l’ONG Greenpeace en relation avec des substances toxiques relevées dans les vêtements d’enfants, adressée à M. le Ministre de l’Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des Consommateurs	p. 56
Question n°9 du 21 janvier 2014 de M. Franz Fayot relative au début de construction de la nouvelle Bibliothèque Nationale au Bricherhaff à Luxembourg-Kirchberg, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures	p. 56
Question n°10 du 21 janvier 2014 de M. Marc Spautz relative aux changements éventuels qui pourraient toucher le système d’allocations familiales au Luxembourg, adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l’Intégration	p. 56-57
Question n°11 du 21 janvier 2014 de Mme Martine Hansen relative au projet de construction du Lycée technique agricole à Gilsdorf, à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures	p. 57
5974 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales en vue de mettre en œuvre le Règlement (CE) n°1435/2003 du Conseil du 22 juillet 2003 relatif au statut de la société coopérative européenne (SEC)	p. 57-58
6559 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à subventionner un dixième programme quinquennal d’équipement sportif	p.58-65
6590 - Projet de loi portant approbation de la Convention relative à l’assistance alimentaire, faite à Londres, le 25 avril 2012	p. 65-66